## Déi neiste Bäitreeg op dësem Site:

# News

## 5.5.2015 Schreift Ären Deputéierten!

05 **May** *2015*

Mir fuerderen d'Deputéiert op, sech fir eng gemeinsam Motioun anzesetzen: Fir en fairen, equilibréierten Débat wou de Jo an de Nee déi selwecht Zäit, respektiv de selwechten Poids kréien. Dat ganz besonnesch dann, wann et op ëffentlechen Platzen stattfënnt.

Schreift ären Députéierten, si sinn fir iech do!
Sot hinnen an engen frëndlechen Toun Är Meenung.

Dëst ass sécher och am Sënn fir erëm Vertrauen an d'Politik opzebauen.

Méi Informatiounen ënner "read more"

Read more … 5.5.2015 Schreift Ären Deputéierten!

## 4.5.2015 E Recht méi, eng Pflicht méi.

04 **May** *2015*

RTL-Reportage iwwert de Sproochentest:

"D'Nationalsprooch wier einfach wichteg fir d'Integratioun."

Fir eis ass et wichteg dass déi auslännesch Matbierger, déi en Wahlrecht sollen kréien och an der Pflicht stinn fir déi duebel Nationalitéit unzehuelen an sou ze weisen dass se Lëtzebuergesch verstinn an schwätzen.

Fir méi Informatiounen op "read more"

Read more … 4.5.2015 E Recht méi, eng Pflicht méi.

## 3.5.2015 "Et ass onlogesch engem nëmmen dat aktiivt Wahlrecht ze ginn"

03 **May** *2015*

(comments: 0)

http://www.100komma7.lu/…/patrick-dury-lcgb-et-ass-onloges…/

D'Auslännerwahlrecht ass mol nach nët gestëmmt an schonn gëtt och dat passiivt Wahlrecht gefuerdert.

Also dass auslännesch Kandidaten och kënnen gewielt ginn an Députéiert kënnen ginn.

Dofir:
- Loosst Iech net täuschen! D'Regierungsparteien hunn d'Konditiounen an der Referendumsfor temporär méi schwéier gemaach well se Angscht haten si géifen de Referendum verléieren. Dat ass awer alles just en éischten Schrëtt.

Read more … 3.5.2015 "Et ass onlogesch engem nëmmen dat aktiivt Wahlrecht ze ginn"

# 1.5.2015 Nee beim Referendum vum 7. Juni

01 **May** *2015*

(comments: 0)

Mir sinn elo 100 Joer laang gutt gefuer mat ganz villen Immigranten aus Polen, Italien, Portugal an villen aneren Länner an och wann et mol Schwieregkeeten gouf oder gëtt, déi vill Immigranten an hir Kanner hunn sech letztendlech gutt integréiert, an stellt iech mol fir: Alles dat war méiglech …. OUNI AUSLÄNNERWAHLRECHT.

De ganzen Artikel: https://www.wort.lu/…/briefe-an-die-redaktion-mir-sinn-elo-…

Bestellt weiderhin bei eis Autocollanten an Flyer per Mail (kontakt@nee2015.lu)

Read more … 1.5.2015 Nee beim Referendum vum 7. Juni

# 30.4.2015 Konferenz iwwert d'Auslännerwahlrecht mat nee2015

30 **Apr** *2015*

(comments: 0)

Kommt haut, um 19:00, an d'Stad an den Cercle Cité.
Mir wäerten während 15 Minutten de Standpunkt vum Nee zum Auslännerwahlrecht vertrieden.

Duerno ass nach Débat wou d'Leit aus dem Publikum kënnen Froen stellen.

Grousse Merci un d'Stad Lëtzebuerg fir d'Invitatioun.

Méi Informatiounen fënnt een hei.

Read more … 30.4.2015 Konferenz iwwert d'Auslännerwahlrecht mat nee2015